## Vum 7. September bis den 18. Oktober 2026

# GoGo VELO lancéiert eng nei Missioun: "Loosst eis 1.000 Mol ronderëm Lëtzebuerg fueren!"

No den aussergewéinleche Resultater vun der Fréijoers-Editioun 2026 (méi wéi 2.100 motivéiert Participanten hunn eng Distanz bal zweemol esou wäit wéi bis op de Mound zeréckgeluecht), ass d'national Vëloscampagne dësen Hierscht zréck op Heemechtsbuedem.

**Dës Kéier ass d'Missioun "Loosst eis 1.000 Mol ronderëm Lëtzebuerg fueren"! Zesumme sinn d'Participanten domat drop aus, am Ganzen 356.000 km mam Vëlo ze fueren.** Haaptzil vun der GoGo VELO-Campagne – enger Initiativ vu ProVelo asbl an dem Klima-Bündnis Lëtzebuerg asbl, ënnerstëtzt vum Ministère fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten – bleift et natierlech, d'Vëlosfueren ze fërderen an als alldeeglecht Transportmëttel ze etabléieren.

Am Hierscht 2026 ginn also all Participanten op en Neits encouragéiert, hir Vëloen esou dacks wéi méiglech als Transportmëttel am Alldag an an der Fräizäit ze benotzen. Fir dëst ze fërderen, goufen erëm spannend Erausfuerderungen an d'Campagne integréiert; wann dës erfollegräich ofgeschloss ginn, qualifizéieren d'Participanten sech fir eng Verlousung vu fantastesche Präisser!

Op nationalem Niveau gëtt et ënner anerem Vëlosaccessoiren, gratis Entrée a Spa-Anlagen a verschidde bons d'achats ze gewannen! Zousätzlech zu de nationalen Erausfuerderungen hunn net manner wéi 15 (!) Gemengen a Regiounen hir eegen Erausfuerderungen a Präisser dobäigesat – et ass also definitiv derwäert, matzemaachen.

Fir matzemaachen, musst du d'App 'Radbonus' eroflueden, wou Vëlosfuerer sech mam Zougangscode '**gogovelo**' aschreiwe kënnen. Am zweete Schrëtt ka jiddereen eng Gemeng oder Regioun auswielen, fir déi hien/si Vëloskilometer sammele wëll.

Um Ufank vun all Vëlostour starts du einfach d'App a tipps op den Track-Knäppchen – vum 7. September bis den 18. Oktober ginn d'Kilometer, déi du gefuer bass, dann automatesch der Gesamtmissioun an deenen eenzelen Erausfuerderunge bäigesat.

**Zousätzlech hunn all Participanten d'Méiglechkeet, de Zoustand vun der Vëlosinfrastruktur iwwer d'App ze bewäerten an domat zu hirer Verbesserung bäizedroen – e Beméien, dat definitiv derwäert ass!**

Weider Informatiounen iwwer d'Campagne, d'Sponsoren an d'Präisser, déi et ze gewanne gëtt, sinn elo op www.gogovelo.lu an an der Radbonus-App ze fannen!

ProVelo asbl & Klima-Bündnis Lëtzebuerg Tel. (+352) 439030-29/26 info@gogovelo.lu
Ministère de la Mobilité et des Travaux publics - Service de la communication Tél.: (+352) 247-84968
communication@tr.etat.lu